LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Luxembourg, le 14 OCT. 2020

**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec**
**le Parlement**

**Service Central de Législation**
**Luxembourg**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N° 2849 du 17 septembre 2020 des honorables députés Messieurs Max Hahn et Claude Lamberty, concernant la réforme de la législation sur les taxis, tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

**François Bausch**
**Ministre de la Mobilité**
**et des Travaux publics**

Adresse postale: L-2940 Luxembourg
Bureaux: 4, Place de l'Europe
Luxembourg/Kirchberg
Téléphone: 247-83301
Téléfax: 247-93308

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, François Bausch, op d'parlamentaresch Fro n°2849 vum 17. September vun den honorabelen Deputéierte Max Hahn a Claude Lamberty zum Sujet "Réforme de la législation sur les taxis"**

D'Preparatioune fir d'Upassung vum Gesetz vum 5. Juli 2016 iwwert d'Taxiswiesen zu Lëtzebuerg sinn esou wäit ofgeschloss. Den Avant-projet de loi ass am gaange geschriwwen ze ginn a wäert dem Regierungsrot sou séier wéi méiglech virgeluecht ginn. Den Text wäert dann och ënnert anerem virgesinn, fir d'Voitures de location avec chauffeur mat ofzedecke wat am Moment net de Fall ass an och d'Zuele vun den Zonen a vun de Lizenze sollen duerch den neien Text ugepasst ginn.

Wat d'Entwécklung vun der Gesamtzuel vun den Taxislizenze während de leschten 10 Joer ugeet, esou ass eng Ausso heiriwwer net esou einfach, well d'Verdeelung vun de Lizenze virun 2016 d'Kompetenz vun de Gemenge war an dem Ministère do keng fiabel Gesamtzuele virleien.

Zanter 2016, wou dës Kompetenz bei de Ministère gewiesselt ass, si 413 Lizenzen aus dem ale Regime an deen neien iwwerholl gi sinn, 64 vakant Lizenze goufen 2017 verginn an am ganzen 84 Null-Emissiouns-Lizenze goufen zanter 2016 ugefrot. Insgesamt ass säitdem d'Unzuel vun de Lizenze bei ronn 500 Stéck relativ konstant bliwwen. Déi gréisser Fluktuatioun tëscht 2016 an 2017, mat engem Plus vun 207 Lizenzen erkläert sech duerch d'Transitiounsphase déi bis zum 28. Februar 2016 gaangen ass, wou déi al Autorisatioune géint eng néi konnten agetosch ginn.

Iwwert déi lescht 4 Joer goufen dann och 58 Lizenzen zeréck ginn oder goufe wéinst Verstéiss nees agezunn.

| | *2016* | *2017* | *2018* | *2019* | *2020* | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Echange* | **294** | **119** | **0** | **0** | **0** | ***413*** |
| *Zone 1* | 191 | 73 | - | - | - | |
| *Zone 2* | 51 | 25 | - | - | - | |
| *Zone 3* | 14 | 7 | - | - | - | |
| *Zone 4* | 5 | 7 | - | - | - | |
| *Zone 5* | 31 | 5 | - | - | - | |
| *Zone 6* | 2 | 2 | - | - | - | |
| *Nei Lizenzen* | **0** | **64** | **0** | **0** | **0** | ***64*** |
| *Zone 1* | - | 25 | - | - | - | |
| *Zone 2* | - | 33 | - | - | - | |
| *Zone 3* | - | 0 | - | - | - | |
| *Zone 4* | - | 2 | - | - | - | |
| *Zone 5* | - | 4 | - | - | - | |
| *Zone 6* | - | 0 | - | - | - | |
| *Nei 0 Emissioun Lizenzen* | **6** | **29** | **18** | **19** | **12** | ***84*** |
| *Zone 1* | 5 | 23 | 14 | 15 | 11 | |
| *Zone 2* | 0 | 4 | 2 | 2 | 1 | |
| *Zone 3* | 0 | 0 | 1 | 2 | 0 | |
| *Zone 4* | 0 | 2 | 1 | 0 | 0 | |

| | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Zone 5* | 1 | 0 | 0 | 0 | 0 | |
| *Zone 6* | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | |
| *Retrait & zeréckginn* | **0** | **5** | **21** | **21** | **11** | ***58*** |
| **Total** | **300** | **507** | **504** | **502** | **503** | |

Seit dem Gesetz vun 2016 sinn d'Präisser insgesamt liicht geklommen. Während eng Course virun 2016 mat 3,30€/km an der Moyenne verrechent gouf, sinn et der an der Tëschenzäit 3,50 - 3,80€/km. Allerdéngs sinn dobäi och Ausschléi souwuel no ënnen, wéi och no uewen ze verzeechnen. Dat geet vun 2€/km bis hin zu 5€/km. Dozou kommen dann nach d'Prise en Charge, eventuell e Supplément fir Wallissen oder Këschten oder den Zouschlag fir Nuets an/oder de Weekend.

Et sief och nach erwähnt, datt de Präis vun der Waardezäit, also déi Zäit wou den Taxi net rullt an z. B. bei enger Rouder Luucht steet, vun 0,5€/min op 1€/min am Allgemengen erop gaangen ass.

Am grousse Ganzen hu sech d'Präisser während der Corona-Pandemie net nennenswäert verännert. Vereenzelt Taxis-Bedreiwer hunn hier Präisser no uewen ugepasst, anerer, fir den Taxi méi attraktiv ze maachen, no ënnen. E generellen Trend ass awer am Moment net festzestellen.

Zanter 2016 gouf den „Service Taxis" vum Mobilitéitsministère 6.676 mol saiséiert, dovunner 1.550 mol vu Clienten. Déi heefegst Reklamatioune betreffen dobäi de Präis vun der Course an d'net benotze vum kierzste Wee. Dëst war 353 mol de Fall. An 118 Fäll gouf de Clienten dann och deen zevill verrechente Montant rembourséiert.

Kontakt mam Service Taxi:

| | *2016* | *2017* | *2018* | *2019* | *2020* | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Clients* | 58 | 438 | 473 | 391 | 191 | ***1550*** |
| *Exploitants* | 488 | 2273 | 824 | 706 | 836 | ***5126*** |
| **Total** | **545** | **2710** | **1296** | **1098** | **1028** | **6676** |

Natur vun der Reklamatioun:

| | *2016* | *2017* | *2018* | *2019* | *2020* | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| *Prix de la course* | 7 | 79 | 88 | 82 | 12 | ***268*** |
| *Chemin le plus court* | 6 | 35 | 25 | 18 | 1 | ***85*** |
| *Comportement conducteur* | 6 | 35 | 25 | 18 | 1 | ***85*** |
| *Objet oublié* | 1 | 2 | 22 | 16 | 4 | ***45*** |
| *Remboursement du trop payé* | 4 | 51 | 43 | 16 | 4 | ***118*** |
| **Total** | **20** | **151** | **160** | **134** | **18** | **483** |

Am ganze goufe säit dem 1. September 2016, 801 Avertissements taxés ausgestallt. Am heefegsten ass de Verstouss vum onerlaabte Waarden op e Client op der Strooss mat 128 Fäll, respektiv an 119 Fäll wou en Taxi an der falscher Zone probéiert huet Clienten ze kréien.

Et fält op, datt virun allem an der Ufankszäit vill Taxie protokolléiert goufe well si keng gülteg Lizenz haten. Dëst war 101 mol de Fall.

| Infraction | Montant AT | Nombre AT |
|---|---|---|
| *Stationnement ou placement du taxi à un endroit de la voie publique, autre qu'un emplacement de taxi, en vue d'offrir ses services...* | *74,00€* | 128 |
| *Stationnement ou attente à un endroit de la voie publique, en vue d'offrir ses services ou d'attendre des commandes par voie radiotéléphonique, ... sur le territoire d'une zone autre que pour laquelle la licence d'exploitation de taxi est valable* | *250,00€* | 119 |
| *Stationnement sur un emplacement de taxi sans se trouver en permanence à la disposition des clients* | *74,00€* | 108 |
| *Fait de placer son véhicule de manière à constituer un danger ou une gêne pour les autres usagers* | *74,00€* | 83 |
| *Utilisation d'un véhicule, autre qu'un taxi dans le cadre des services des taxis* | *500,00€* | 67 |
| *Chargement de clients à moins de 50 mètres d'un emplacement de taxi* | *145,00€* | 60 |
| *Défaut d'afficher de manière visible la carte de conducteur de taxi pendant le service* | *74,00€* | 57 |
| *Effectuer le service des taxis sans être titulaire d'une licence d'exploitation de taxi valable* | *500,00€* | 34 |
| *Défaut de présentation auprès de la SNCA du taximètre au plus tard une année après le dernière vérification, ...* | *145,00€* | 30 |
| *Défaut de tenir en permanence à bord du taxi un carnet métrologique à jour* | *145,00€* | 13 |
| *Fait de circuler de manière continue au même endroit afin de démarcher un client* | *145,00€* | 11 |
| *Défaut d'afficher de manière visible le tarif des services de taxi sur la fenêtre arrière droite du taxi* | *250,00€* | 10 |
| *Défaut de délivrer un reçu réglementaire au client* | *145,00€* | 9 |
| *Prise en charge de clients sur le territoire d'une zone autre que celle pour laquelle la licence d'exploitation de taxi est valable, ...* | *500,00€* | 8 |
| *Non-titulaire d'une carte de conducteur de taxi valable* | *250,00€* | 7 |
| *Défaut de placer ou de faire avancer le taxi dans l'ordre d'arrivée des taxis sur les emplacements de taxi* | *74,00€* | 5 |
| *Défaut d'utiliser le taximètre règlementaire* | *250,00€* | 5 |
| *Défaut de l'exploitant de taxi de mettre sans délai hors service tout taxi dès que le taximètre y installé ne répond plus aux exigences réglementaires ou faire remplacer, ...* | *250,00€* | 5 |
| *Refus de prendre en charge sur les emplacements de taxi un client demandant une course à courte distance* | *145,00€* | 5 |
| *Utilisation à des fins autres que comme taxi, d'un véhicule routier équipé d'un taximètre règlementaire, d'un tableau-taxi, d'une plaque-zone-taxi ou d'un panneau lumineux "TAXI"* | *500,00€* | 4 |

| | | |
|---|---|---|
| *Non-respect après le 1er janvier 2017, pour les véhicules faisant l'objet d'une licence d'exploitation de taxi nouvelle ou transcription, ...* | *500,00€* | 3 |
| *Taxi non muni d'un panneau lumineux "TAXI" règlementaire* | *250,00€* | 3 |
| *Défaut d'exhiber la licence d'exploitation de taxi sur demande des membres de la PGD ou des douanes* | *145,00€* | 3 |
| *Défaut de documenter le bris de scellement dûment dans le carnet métrologique, d'apposer une scellement réglementaire ou non-respect du délai de jours ouvrables* | *145,00€* | 3 |
| *Défaut d'installer le panneau lumineux sur le toit du taxi* | *145,00€* | 3 |
| *Taxi non muni d'une plaque zone-taxi règlementaire* | *250,00€* | 2 |
| *Utilisation d'un taxi non muni d'un taximètre règlementaire* | *250,00€* | 2 |
| *Défaut d'assurer le fonctionnement régulier et normal du taximètre pendant toute la durée de la course* | *250,00€* | 2 |
| *Mise en marche du taximètre avant la prise en charge du client* | *250,00€* | 2 |
| *Défaut de présentation auprès de la SNCA du taximètre lors de chaque intervention qui donne lieu ...* | *145,00€* | 2 |
| *Défaut de remplacer un panneau-lumineux volé, perdu, détruit, endommagé ou rendu autrement illisible ou inutilisable* | *74,00€* | 1 |
| *Défaut de remplacer un tableau-taxi volé, perdu, détruit, endommagé ou rendu autrement illisible ou inutilisable* | *74,00€* | 1 |
| *Défaut d'un dispositif imprimeur opérationnel relié au taximètre* | *250,00€* | 1 |
| *Installation sur un véhicule routier, autre qu'un taxi, d'un taximètre règlementaire, ...* | *250,00€* | 1 |
| *Utilisation d'un taxi non muni d'un tableau-taxi règlementaire* | *250,00€* | 1 |
| *Défaut de l'exploitant de taxi ou du chauffeur de s'assurer de l'état réglementaires des pneumatiques et tout particulièrement de la conformité de la dimension ...* | *250,00€* | 1 |
| *Recherche de clients par paroles, gestes ou pancartes* | *145,00€* | 1 |
| *Défaut de retourner sans délai l'original du carnet métrologique à la SNCA en cas de mise hors service définitive du taximètre* | *145,00€* | 1 |
| **Total** | **147.037€** | **801** |

Am Moment ginn et 1.266 aktiv Chaufferskaarten. Et gëtt am Moment allerdéngs keng Opschlësselung duerno, wie bei wéi engem Patron schafft. Dëst ass am aktuelle Gesetzeskader net virgesinn. Am neie Projet soll dat awer méiglech ginn.

Wat d'Bedreiwer ubelaangt, esou ginn et der 139, déi no jee gréisst esou opgedeelt sinn:

| | *Exploitants* | *Cumul lic.* |
|---|---|---|
| *1 licence* | 65 | 65 |
| *2-10 licences* | 69 | 259 |

| | | |
|---|---|---|
| *>10 licences* | 5 | 179 |
| **Total** | **139** | **503** |

Opgrond vun der Liberaliséierung vun den Taxispräisser ass net méiglech de geneeë Präis fir e bestëmmten Trajet ze berechnen. Ausserdeem ass et ganz oft esou, datt nach aner Komponente bei der Berechnung vun dem Präis mat afléisse mussen déi vu Bedreiwer zu Bedreiwer verschidde sinn an dës Berechnung onméiglech maachen.